*Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert (par Mme Nathalie Morgenthaler), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. 8691 – Projet de loi portant changement de limites entre la Commune de Käerjeng et la Commune de Pétange

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. An dat ass de Projet de loi 8691 iwwer eng Ännerung vun de Grenzen tëschent de Gemenge Käerjeng a Péiteng. Et ass e Riedemodell „avec rapport et sans débat". An domat huet d'Rapportrice 5 Minutten an d'Regierung, wa se wéilt, dann och 5 Minutten. D'Madamm Morgenthaler als Rapportrice huet d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer, dëse Gesetzesentworf huet als Zil, eng Inkohärenz ze verbesseren, déi no der Ännerung vun de Gemengegrenzen tëschent Kärjeng a Péiteng entstanen ass an den 1. August 2025 a Kraaft getrueden ass.

*(Brouhaha)*

D'Gemengendeliberatiounen, déi dëser Grenzännerung virausgaange sinn, hu sech nämlech als feelerhaft erausgestallt: Eng Parzell vun 12 Ar a 57 Zentiar ass iertemlecherweis an der Tabell vun de Grondstécker opgeholl ginn, déi un d'Gemeng Péiteng sollten eriwwergoen.

Well de Gesetzestext méi Gewiichtung wéi d'Annexen huet, ass dës Parzell domat juristesch der Gemeng Péiteng zougewise ginn, obwuel et sech ëm en Deel vun der ëffentlecher Strooss gehandelt huet, dee matzen an der Gemeng Käerjeng läit.

*(Brouhaha)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou.

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Dës Situatioun erschwéiert eng kohärent Gestioun vum ëffentleche Besëtz, besonnesch wat d'ëffentlech Stroossegebitt ugeet. Dësen Entworf gesäit vir, dës Parzell nees un d'Gemeng Käerjeng zréckzeginn, an dat gratis.

**Plusieurs voix** | A!

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | D'Käschte fir d'Transkriptioun ginn dobäi zu gläichen Deeler vun deenen zwou Gemengen iwwerholl.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Zum Werdegang vun dësem Gesetzestext sief Follgendes gesot: D'Gemengeréit vun deenen zwou betraffene Gemengen, also Käerjeng a Péiteng, hunn dës Rektifikatioun schonn duerch d'Deliberatioune vum 2. Oktober 2025 guttgeheescht, fir d'territorial Kohärenz erëm hierzestellen, d'Kontinuitéit vum ëffentleche Stroossegebitt ze sécheren an eng effizient lokal Gestioun ze erliichteren.

De Gesetzesentworf ass den 28. Januar 2026 vum Inneminister an der Chamber deposéiert ginn a gouf de 5. Februar un d'Kommissioun fir bannenzeg Ugeleeënheete verwisen. An hirer Reunioun vum 25. Februar huet d'Kommissioun den Entworf presentéiert kritt.

Wat d'Avisen ugeet, huet de Staatsrot säin Avis de 5. Mee ofginn. Déi héich Kierperschaft huet keng Opposition formelle formuléiert a sech op dräi kleng legistesch Bemierkunge limitéiert.

De Bericht ass schliisslech den 13. Mee eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl ginn.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Morgenthaler villmools Merci fir hire schrëftlechen an hire mëndleche Rapport.

*(Interruption)*

Doriwwer brauche mer elo keng Debatt ze organiséieren an d'Regierung brauch och keng Stellung ze huelen.

Mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8691 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8691[2].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8691 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Zeimet), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert (par Mme Nathalie Morgenthaler), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 9. Désignation d'un candidat pour le poste de conseiller d'État

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar der Designatioun vun engem Kandidat fir de Poste vum Conseiller beim Staatsrot, esou wéi dat ofgeännert Gesetz vum 16. Juni 2017 iwwert d'Organisatioun vum Staatsrot an d'Artikelen 116 bis 127 vum Chamberreglement et virgesinn.

No den Dispositioune vun den Artikelen 119 an 120 vun eisem Reglement huet d'Presidentekonferenz an hirer Reunioun vum 20. Mee eng Kandidatelëscht arrêtéiert, déi un d'Deputéiert verschéckt ginn ass an déi Der, wann Der dat dann och wëllt, op Ärem Ecran oder Ärem Schierm kënnt gesinn.

Et ass eng eenzeg Kandidatur fir de Poste vum Conseiller agereecht ginn: déi vun der Madamm Paulette Lenert.

Et gëtt also, en conclusion vun deem, wat ech gesot hunn, esouvill Kandidaten, wéi et Poste gëtt. Et brauch deemno net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass.

*(Assentiment)*

Da loosst mech awer elo mol fir d'éischt d'Fro stellen, éier Der hei Jo sot.

*(Hilarité)*

Ech froen also: Ass d'Chamber domat averstanen, den Artikel 7 Punkt 5 vum Chamberreglement ze appliquéieren?

*(Assentiment)*

Ass een dergéint?

*(Négation)*

*(Interruptions et hilarité)*

Dat ass alt net de Fall. Dann ass dat also esou decidéiert.

D'Madamm Paulette Lenert ass deemno vun der Chamber als Conseillère beim Staatsrot designéiert ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Applaudissements)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Kéint elo vläicht ee soen, d'Madamm Lenert kéint erëm erakommen? Voilà.

*(Hilarité et applaudissements)*

Um Applaus, Madamm Lenert, mierkt Der, wat d'Decisioun ass, déi mer geholl hunn. Eis Felicitatiounen am Numm vun der ganzer Chamber un d'Madamm Lenert fir dës Designatioun.

Eis Propositioun geet elo weider un de Grand-Duc fir d'Nominatioun vun der Madamm Paulette Lenert als neie Member vum Staatsrot. Bis si assermentéiert ass, bleift si Member vun dësem Haus. Wann et bis offiziell ass, wäert d'Madamm Lenert hei an der Chamber an engem Hommage geéiert ginn.

Ech wëll se elo awer net erausgoe loossen, ouni e puer ganz kuerz Wierder ze soen.